piraten.lu

N°3453
Entrée le 13.01.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Kultur weiderzeleeden.**

D'Gemeng Nidderaanwen krut rezent eng Auszeechnung vun der ASBL *Actioun Lëtzebuergesch,* well d'Websäit vun der Gemeng an der Lëtzebuergescher Sprooch ugebuede gëtt. Wéi RTL.LU an engem Artikel vum 11te Januar schreift: *"D'Begrënnung dofir war, datt si hir ganz Websäit op Lëtzebuergesch iwwersat huet an den Text vun der Iwwersetzung och deenen anere Gemenge gratis zur Verfügung stellt."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi vill Gemengen hei am Land bidden hir Websäit op Lëtzebuergesch un?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

N°3453
Entrée le 04.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden a vum Här Kulturminister, Eric Thill op d'parlamentaresch Fro N° 3453 vum 13. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Communes ayant leur site internet en luxembourgeois".

1. Wéi vill Gemengen hei am Land bidden hir Websäit op Lëtzebuergesch un?

Stand haut bidden dräi Gemengen e groussen Deel vun hiren Informatiounen och op Lëtzebuergesch un. Eng Gemeng  bitt op hirer Säit direkt all d'Inhalter a véier Sproochen un, nämlech op Däitsch, Englesch, Franséisch an eben och op Lëtzebuergesch. Gutt Websäite solle jo dynamesch sinn a bei all Geleeënheet un d'Bedürfnisser vun de Bierger ugepasst ginn. Dofir kann déi Situatioun sech änneren.

Den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch schafft an deem Kader z.B. enk mat der Gemeng Nidderaanwen zesummen. D'Zil vun dëser Zesummenaarbecht besteet doranner, eng sproochlech Geschierkëscht „Lëtzebuergesch fir d'Gemengen" auszeschaffen, déi et de Gemenge vereinfache soll, hir Websäit och op Lëtzebuergesch ze presentéieren.

Lëtzebuerg, den 4. Februar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden